# BIERGER INITIATIV
## GEMENG DIPPECH

Mouvement citoyen de la Commune de Dippach

# DÉI RICHTEG PRIORITÉITE SETZEN

LËSCHT 5 ⊠



# WALPROGRAMM

Version au verso

# Biergerinitiativ
# Gemeng Dippech



## Sven SCHAUL (37)
Dippech | Dippach
Jurist | Juriste
**Gemengeconseiller | Conseiller communal**
President vun der Biergerinitiativ | Président de la Biergerinitiativ

LËSCHT
5

www.biergerinitiativgemengdippech.lu



## Romain SCHEUREN (61)
Dippech | Dippach
Fräiberuffler a.D. | Indépendant e.r.
**Gemengeconseiller | Conseiller communal**
Member vun der Bautekommissioun | Membre de la Commission des Bâtisses



## Amin CHENTITE (43)
Schuller | Schouweiler
Fluchlotsen | Aiguilleur du ciel
Member vun der Sports- a Kulturkommissioun | Membre de la Commission des Sports et de la Culture



## Mandy KEIL (37)
Betten op der Mess | Bettange-sur-Mess
Educatrice
Member vun der Schoulkommissioun | Membre de la Commission Scolaire



## Josy KIRSCH (65)
Sprénkeng | Sprinkange
EU-Beamten a.D. | Fonct. européen e.r.
Member vun der Ëmweltkommissioun | Membre de la Commission de l'Environnement

## Eng Equipe - Ee Programm

BIERGER
INITIATIV
GEMENG DIPPECH
Mouvement citoyen de la Commune de Dippach



## Gaby BECKER (57)
Betten op der Mess | Bettange-sur-Mess
Aide-Soignante
Member vun der Intergenerationneller Kommissioun | Membre de la Commission Intergénérationnelle



## Jean-Claude LUCIANI (59)
Betten op der Mess | Bettange-sur-Mess
Gemengebeamten a.D. | Fonctionnaire communal e.r.
Member vun der Archivekommissioun | Membre de la Commission des Archives



## Herwig TEMMERMAN (57)
Sprénkeng | Sprinkange
Business Beroder | Business Consultant
Member vun der Finanzkommissioun | Membre de la Commission des Finances



## Ralph CLEMENS (45)
Betten op der Mess | Bettange-sur-Mess
Agent bei den CFL | Agent des CFL



## Fabrice TORINO (47)
Schuller | Schouweiler
Kader bei enger Bank | Cadre bancaire
Member vun der Integratiouns-kommissioun | Membre de la Commission de l'Intégration



## James KIRSCH (30)
Sprénkeng | Sprinkange
Copywriter an Iwwersetzer | Copywriter et traducteur

# De Bierger a senger Gemeng

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Zanter de leschte Walen si schonn nees 6 Joer vergaangen ouni dass sech an eiser Gemeng eppes Weesentleches verbessert huet. Vill Geld gouf a Prunktbauten investéiert an d'Gemengeschold ass sou héich wéi nach ni virdrun. Den Trafic hëlt vun Dag zu Dag zou an d'Liewensqualitéit an eisen Dierfer verschlechtert sech rasant. D'Biergerinitiativ wëllt dëser Evolutioun net einfach nokucken, mee endlech handelen.


Dat alldeeglecht Wuelbefanne vun all eise Bierger steet bei der Biergerinitiativ ganz uewen op der Prioritéitelëscht. D'Liewensqualitéit an d'Sécherheet zu Betten op der Mess, Dippech, Schuller a Sprénkeng gi vun eis ganz eescht geholl.

**Den 11. Juni kënnt dir léif Wielerinnen a Wieler dofir ze suergen, dass sech endlech eppes beweegt.**

**Wielt d'Biergerinitiativ**

**Mir paken et un!**

**LËSCHT 5**




## Eis Walversammlungen

- **SCHULLER:**
  **16. Mee um 20 Auer an der Buvette vun der Sportshal**
- **BETTEN OP DER MESS:**
  **25. Mee um 20 Auer am Centre Culturel**
- **DIPPECH:**
  **6. Juni um 20 Auer am Centre Culturel**

Kapitel 1

# Verkéier a Liewensqualitéit

## Eis Gemeng brauch eng global Verkéiersléisung! Näischt maachen ass keng Optioun méi.



D'Bevëlkerung am Land ass bannent 10 Joer ëm 25% geklommen. Eis Dierfer erstécken all Dag ëmmer méi am Verkéier. Wärend d'Regierung e Contournement fir Käerjeng decidéiert huet, ass fir eis Gemeng guer näischt virgesinn.

Laut Ponts & Chaussées soll duerch de Contournement vu Käerjeng den Trafic an eiser Gemeng ëm +6.600 Autoe pro Dag klammen, wëll dës Strooss an Agang vu Schuller erauskomme soll. Doduerch wäerten an Zukunft Dag fir Dag Dausende vun zousätzlechen Autoen (aktuell 20.000) iwwert d'Haaptstrooss (RN5) duerch Schuller an Dippech fueren. D'Stausituatioun verschlechtert sech deemno dramatesch.

Fir eis Gemeng ass aktuell awer näischt geplangt obwuel d'Biergerinitiativ reegelméisseg Virschléi gemaach huet. D'Zäit vergeet an d'Problemer vergréisseren sech.

**D'Biergerinitiativ setzt sech fir d'Opwäertung vun der Liewensqualitéit vun eise Bierger an. Eis Dierfer solle net weiderhin am Transitverkéier erstécken.** Fir d'Liewensqualitéit ze garantéieren, muss de Verkéier aus den Dierfer eraus. E Contournement fir Käerjeng bréngt keng Verbesserung an eis Gemeng. **Mir brauchen eng global Léisung. Aus dësem Grond muss de Contournement Käerjeng och eis Dierfer ëmgoen.** Dëst ass deen eenzege Wee fir den Transitverkéier aus eisen Dierfer erauszekréien.






**D'Biergerinitiativ sëtzt sech awer och fir den Erhalt vun eiser Natur an.** Dofir däerf sou eng Ëmgeeungsstrooss maximal zwou Spueren hunn (eng an all Richtung) a soll sech harmonesch an d'Landschaftsbild integréiert. Eng méiglech Tunnelvariant wär e Kompromëss.

**Haut muss gehandelt ginn, fir dass dëse Projet sech an de nächste Joren iwwerhaapt nach realiséiere léisst.**



## E foussgängerfrëndlechen Duerfkär mat « Shared Space »

**Zur Liewensqualitéit vun engem Duerf gehéiert och d'Sécherheet vu sengen Awunner.** Kleng a Grouss sollen sech an Zukunft am Duerf beweege kënnen ouni stänneg dem Risiko vun engem Verkéiersaccident ausgesat ze sinn.

**D'Biergerinitiativ wëll dofir eis Dierfer foussgänger-frëndlech an behënnerte-gerecht gestallten.** E Beispill ass den Zentrum ronderëm d'Kierch zu Bartreng wou Foussgänger an Autofuerer am géigesäitege Respekt d'Strooss benotzen.

Mir haten och scho Récksprooch mat de staatlechen Instanzen déi keng Bedenken hunn fir op de Wee vun engem „Shared Space" (däitsch: „gemeinsamer Raum") ze goen.

**Des Weideren solle geféierlech Plaze an eiser Gemeng entschäerft ginn.**







*Sou roueg soll et an Zukunft am Duerf sinn*

Kapitel 2

# Wéi soll eis Gemeng an Zukunft ausgesinn?

## Eise lokale Patrimoine muss geschützt ginn



**Mat der Biergerinitiativ am Schäfferot wäert eise lokale Patrimoine geschützt an erhale ginn.**

Dofir muss d'Gemeng bei schützenswäerte Gebaier vun hirem Virkafsrecht Gebrauch maachen. Nëmmen sou kann eise lokale Patrimoine och fir déi zukünfteg Generatiounen erhale bleiwen an abordabel Wunnegen kënnen hei entstoen.

**D'Biergerinitiativ war och déi eenzeg Fraktioun am Gemengerot, déi sech dofir agesat huet, dass eis véier Kierchen endlech national geschützt gi sinn.** Haut muss eng Léisung fir den Erhalt vun dëse Gebaier fonnt ginn. Hei setzt d'Biergerinitiativ sech fir eng gemeinsam Léisung mam Kierchefong an, wou och d'Gemeng hir Responsabilitéit iwwerhuele soll.







contact@biergerinitiativgemengdippech.lu

## Urbanismus: Egal wéi an egal wou wäert net méi gebaut ginn

**Eis Gemeng ass eng ländlech Gemeng an eis Dierfer sollen hire ländleche Charakter behalen.**

D'Liewensqualitéit ass eng vun eise Prioritéiten. **D'Biergerinitiativ wäert sech asëtze fir dass och nach an Zukunft d'Natur hir Plaz an eisen Dierfer behält an d'Awunner sech wuelfillen.**

Nëmme mat der Biergerinitiativ am Schäfferot wäert d'Kierch am Duerf bleiwen an de PAG (Plan d'aménagement général) wäert genau ënnert d'Lupp geholl ginn. **All Bauprojet wäert genau iwwerpréift ginn** an eis Gemeng wäert net weiderhin zougebaut gi mat Lotissementer déi dem Charme vun eisen Dierfer keng Rechnung droen.



*De ländleche Charakter soll erhale bleiwen*

## Eise Waasser- a Kanalreseau muss erneiert ginn an all Wunneng soll un d'Glasfaser ugeschloss ginn

Eise Waasser- a Kanalsreseau ass an d'Jore komm. Vill Bierger bekloen sech iwwert knaschtegt Leitungswaasser a Problemer mat der Kanalisatioun ouni dass bis elo de Schäfferot dës Situatioun Eescht geholl huet.

**D'Biergerinitiativ wäert dëse Problem direkt ugoen an e konkrete Plang opstelle fir eise ganze Reseau (do wou et néideg ass) z'erneieren.**

Och ass et net normal, dass vill Wunnengen nach ëmmer net un de Glasfaserreseau ugeschloss sinn. Dëst soll sech änneren.



## Eis Gemeng brauch eng Schwämm

**D'Biergerinitiativ ass fir de Bau vun enger Gemengeschwämm déi adaptéiert soll sinn un d'Besoine vun eise Schoulklassen an awer och zougänglech soll sinn fir de Public.**

Zanter Jore ginn eis Schoulkanner nämlech op Monnerech an de Pimodi schwammen. Dëst ass awer mat laangen Transportweeër verbonnen, déi d'effektiv Schwammzäit verkierzen. Och eis Bierger musse sech an aner Gemengen deplacéieren. Dozou kënnt, dass d'Monnerecher Gemeng duerchblécke gelooss huet, dass si an Zukunft selwer méi dacks d'Schwämm fir hier eege Schoulklassen brauch.

**Eise Projet vun enger Schwämm fir eis Gemeng kéint z.B. um Schoulcampus zu Schuller realiséiert ginn. Dëst hätt de Virdeel, dass d'Schoulkanner zu Fouss an d'Schwämm kéinte goen an d'Schwämm och nach duerch eis Hackschnitzelanlag um Site ëmweltfrëndlech gehëtzt kéint ginn.**



## Den Duerfkäer zu DIPPECH redynamiséieren

Betten op der Mess huet säi Café um Buer. Schuller kritt säi Pavillon an de Park. Just fir Dippech ass näischt virgesinn. Den Duerfcafé huet zougemaach an de Centre Culturel soll och ofgerappt ginn. Dëst ass fir d'Bierger-initiativ inakzeptabel.

**Mat der Biergerinitiativ wäert DIPPECH net nëmme säi Centre Culturel behalen, mee dëse soll moderniséiert an un d'Besoine vun eise Veräiner adaptéiert ginn. Wéi zu Betten soll e Café an de Projet integréiert ginn, fir sou eist Duerf nees mat Liewen ze fëllen.**



## Héichwaasserschutz laanscht Tajel a Mess

**D'Biergerinitiativ hëlt de Problem vum Héichwaasser eescht.** D'Aktualitéit hält eis ëmmer nees virun Aen, dass an Zukunft nach méi dacks mat schlëmmen Iwwerschwemmungen ze rechnen ass. Hei muss de Staat souwéi d'Gemeng hir Verantwortung iwwerhuelen.

**Mat der Biergerinitiativ am Schäfferot wäerte fir d'Tajel an d'Mess déi néideg Moossname geholl ginn fir de Risiko vun Iwwerschwemmungen sou geréng wéi méi-glech ze halen.** Hei muss e Gesamtkonzept entstoe vu Schuller iwwer Sprénkeng bis op Betten.







contact@biergerinitiativgemengdippech.lu

# Vu Jonk bis Al

## Aféiere vum Pedibus an Optimisatioun vum Schoultransport

Ëmmer nees suergt de Schoultransport fir Onzefriddenheet. Dacks musse Schüler aus verschiddene Stroossen aus eiser Gemeng laang Transportweeër op sech huelen.

**Fir deem entgéint ze wierken, wëll d'Biergerinitiativ e Pedibus aféiere wou d'Kanner aus verschiddene Stroossen vu Schuller a Sprénkeng a Begleedung vun engem Erwuessenen zu Fouss an d'Schoul ginn.**

Donieft soll de Schoultransport reorganiséiert ginn fir sou d'Fuerzäit vun de Schüler ze verkierzen.



## Eis Studenten aktiv ënnerstëtzen

Studéiere stellt dacks e grousse Käschtepunkt fir eis Jugendlech duer. Besonnesch Studien am Ausland si käschtenopwändeg. Dofir sollen d'Studenten och deementspriechend vun eiser Gemeng ënnerstëtzt a begleet ginn.

**D'Biergerinitiativ wëll déi finanziellen Hëllefen fir Studenten an Universitären eropsetzen.** Zousätzlech sollen **Stageplaze** wärend de Schoulvakanzen ugebuede ginn.



## Abordabel Wunnengen an eiser Gemeng

Der Biergerinitiativ no muss eis Gemeng selwer en Acteur ginn fir an eiser Gemeng flott an abordabel Wunnengen ze schafen.

**Dës Wunnengen sollen fir eis Bierger a Form vun enger Locatioun ugebuede ginn.**



## E Ruffbus fir eis Bierger

**D'Biergerinitiativ wëll e Ruffbus (City Bus) an der Gemeng Dippech aféieren.**

Et handelt sech hei ëm e Service um Bierger deen zousätzlech zu der scho bestoender staatlecher Offer soll funktionéieren. Dëse Service soll et all Bierger erméiglechen fir sech ënnerhalb vun der Gemeng ze deplacéieren (z.B. Dokter, Apdikt, Gemeng, Gare).



## Eis lokal Vëlosweeër ausbauen

D'Biergerinitiativ mécht sech staark fir **propper a sécher Vëlos- a Foussgängerweeër an eiser Gemeng.** Dozou gehéiert och **d'Ubannung un déi national Vëlosweeër** souwéi eng **optimal Beliichtung op geféierleche Plazen.**



## Eng Veräinsplaz fir gréisser Duerffester

An eiser Gemeng feelt et un enger Plaz wou eis Veräiner gréisser Manifestatiounen organiséiere kënnen (z.B. Zeltfest). **D'Biergerinitiativ engagéiert sech fir mat eise Veräiner zesummen no enger adaptéierter Plaz ze sichen** wou och Sanitäranlage souwéi Parkméiglechkeeten amenagéiert kënne ginn.



## En interkommunaalt Alters- a Fleegeheem

Eis eeler Matbierger sollen an Zukunft op eng adaptéiert Offer zeréckgräife kënnen ouni wéi bis elo Jore laang op eng Plaz an enger Alters- a Fleegestruktur ze waarden. Schonn 2017 huet d'Biergerinitiativ dëst an hirem Walprogramm gefuerdert.

**D'Biergerinitiativ mécht sech staark fir zesumme mat eise Nopeschgemengen no enger idealer Plaz fir sou eng Struktur ze sichen.** Hei muss eis Gemeng awer d'Initiativ ergräifen, wëll sou e käschtenopwändege Projet nëmmen zesumme mam Staat geplangt a kofinanzéiert ka ginn.



### Atelieren fir eis eeler Matbierger

D'Biergerinitiativ wëll fir hir eeler Bierger och reegelméisseg Aktivitéiten an Ateliere proposéieren wou Jonk an Al zesummekommen.



LËSCHT 5

**D'Biergerinitiativ: Dee richtege Choix fir d'Gemeng Dippech**